

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes (par M. Fernand Greisen), Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

Mir kommen elo zu eisem nächste Punkt vum Ordre du jour, an zwar zur Diskussioun vun der Proposition de loi 4670 iwwert d'Öffnungszäite vun de Caféen. D'Riedezeit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et si schonn ageschriwwen: déi Häre Mosar, Bodry, Bettel, Gibéryen, Bausch a Bisdorff. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Claude Wiseler.

### 3. Proposition de loi 4670 de MM. Paul Helminger et Laurent Mosar modifiant les articles 17 et 19 de la loi du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets

#### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

M. Claude Wiseler (CSV), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, déi Proposition de loi, iwwert déi mer elo de Mëtze schwätzen, ass schonn eng ganz besonnesch Proposition de loi, an ech hu mech gewonnert, am Virfeld vun dem Ausschaffe vun där Proposition de loi, wéi vill ee sollicitéiert ginn ass vu Press oder am Allgemenge vu Leit ugeschwat ginn ass op déi heie Proposition, aus welchem Grond och ëmmer. Op jidde Fall ass den Intérêt, dee se erweckt huet, ganz grouss gewiescht. Et si Leit, déi dat richtig fannen, déi dat gutt fannen, déi begeeschtert sinn; et sinn aner Leit, déi et manner gutt fannen, déi eng ganz Rei Problemer domat hunn. Et huet op jidde Fall eng ganz Rei a vill Gefiller opgerullt.

An all deenen Diskussiounen, déi een awer hat, ass et mer kloer ginn, dass a sech just déi Zuel vu sechs Auer ervirkomm ass. An ech denken awer, datt et noutwendeg ass, am Detail dat doten ze erklären, well deen Text hei vill méi nuancéiert ass, a well deen Text hei vill méi an deene Richtunge vu Flexibilitéit, mä awer och vun Ofsécherunge vun de Bierger, déi an enger Stad oder an enger Lokalitéit wunnen, geet an en Equiliber wëllt hierstellen. Et muss een also méi nuancéiert drun eru goen, an, wat hei gewollt a wat gemaach gëtt, genau erklären.

Déi Zilsetzung vun där Proposition de loi, déi den Här Helminger an den Här Mosar hei an der Chamber era-bruecht hunn, sinn an hirem Exposé des motifs kloer an däitlech ervirgestrach ginn.

Punkt Nr 1 ass, datt se der Realitéit Rechnung droe wëllen, sou wéi se haut zu Lëtzebuerg an der Stad an an anere Gemenge gelieft gëtt, wou mer feststellen, datt d'Nuetsliewen zur Gesellschaft gehéiert an och sou organiséiert muss sinn, datt et deem entsprécht, wat de reelle Besoin vun haut ass. Et stellt een do fest, datt de Besoin vun der Jugend vläicht awer anescht ass, wéi virun enger Rei - zéng, zwanzeg Joren, déi Zäit, wéi mir nach méi erausgang sinn. Dat huet alles évoluéiert.

### (Interruptions et coups de cloche de la Présidence)

Richtig, Här Fayot: Net nëmmen de Besoin vun der Jugend, de Besoin vun alle Leit, mä vläicht vun deenen enge méi wéi vun deenen aneren. Et huet sech méi an d'Nuecht eravelagert. Bei den Öffnungszäite gëtt gefrot, fir méi laang op ze hunn. Dat ass awer net nëmmen e Lëtzebuerger Phenomeen, dat ass e Phenomeen, dee sech an allen europäeschen Haaptstied a Stied weist a festgestallt ka ginn. Et ass och e Besoin, deen ee ganz kloer hei spiert, net nëmmen, wann ee mat deene Leit schwätzt, déi Etablissementer géréieren, mä haaptsächlech mat deene Leit schwätzt, déi owes, iwwert de Weekend, nuets erausgoe wëllen.

Den éischten Deel vun der Proposition de loi gesäit dann effektiv eng Auswäitung vun den Öffnungszäite vir. Den zweeten Deel gesäit awer vir, en Equiliber tëschent Nuetsliewen op där enger Säit an der Nuetsrou, op déi jiddferen e Recht huet, op där anerer Säit, ze schafen. Dofir proposéiert en eng Rei speziell Moosname fir déi Etablissementer, déi méi laang kënnen ophunn an déi enger ganzer Rei vu ganz strikte Konditiounen müssen entsprechen, an e mécht och eng Rei Konditiounen fir d'Applikatiounen vun deem Text, wann déi Etablissementer bis eng oder bis dräi Auer ophunn. Ech kommen am Detail nach eng Kéier dorobber zrëck.

Wat hu mer haut? Haut hu mer Öffnungszäiten, déi op eng Auer nuets fixéiert sinn an déi bis op dräi Auer nuets, déi sou genannte fräi Nuechten, op speziell Autorisatioun vun de Buergermeeschtere verlängert ginn. Haut hu mer keng Reglementatioun iwwert d'Implantatioun an iwwert d'Konditiounen vun der Implantatioun vu sou Etablissementen.

D'Auteurs vun der Proposition schloe vir, éischstens, déi normal Autorisatiounszeit bis eng Auer an déi fräi Nuecht bis dräi Auer esou ze loossen, wéi et normal ass. Do gëtt näischt dru geännert. Et kënnt just als Zousaz nach dobäi d'Méiglechkeet, fir eng Rei Etablissementer bis sechs Auer opzeloossen, mä net egal wat fir eng Etablissementer an net egal ënnert wat fir enge Konditiounen. Mä et ginn an der Gesetzesproposition eng

ganz Rei kloer an détailléiert Konditiounen festgehalen, déi och tëschent dem Conseil d'Etat engersäits an der Commission des finances et du budget anerersäits, wou déi Proposition de loi hei traitéiert ginn ass, e puer Mol hin an hier gaange sinn. Ech erspueren lech do d'Detaillen. Ech soe just wat elo festgehalen ginn ass, schlussendlech, an der Formulatioun. Et ass zrëckbehale ginn, datt esou Etablissementer, déi esou eng Autorisatioun kréie kënnen, sech nëmmen an Zonë befanne kënnen, déi net exclusivement résidentiel sinn. Dat heescht, an Zonen, déi exclusivement résidentiel sinn, kënnen keng esou eng Etablissementer esou eng Autorisatioun kréien.

Mä et ass och ganz kloer festgehalen, datt esou Etablissementer entweder selwer iwwer genuch Parkingge verfüge mussen, oder datt Parkinggen an der Noperschaft bereet musse sinn, fir déi Clienten, déi d'Etablissement fréquentéieren. Et ass och ganz kloer festgehalen ginn, datt esou eng Autorisatioun nëmmen därerf erausgoen, wa keen Trouble vun der Tranquilité publique a keng onacceptable Inconvéniente fir déi Leit, déi an den Alentoursen, déi ronderëm, wunnen, entstoe kënnen. Dat si ganz kloer Konditiounen, wou et keng Ausnahme gëtt, un déi sech gehale muss ginn, fir datt de Buergermeeschter sou eng Autorisatioun eraus ka ginn.

Weiderhin ass och nach ganz kloer an dësem Text präziséiert ginn, datt och déi Autorisatiounen fir bis dräi Auer - also eng normal fräi Nuecht - oder bis sechs Auer opzehunn, Konditiounen entspriechen mussen an ewechgeholl kënnen ginn, wann op iergendengem Moment déi Konditiounen net méi present sinn. Och kënnen se vum Buergermeeschter direkt ewechgeholl ginn, wann déi Öffnungszäiten net agehalen géife ginn, dat heescht, datt dann de Buergermeeschter d'Autorisatioun, notament fir d'fräi Nuecht bis dräi Auer, ouni Problem an direkt ewech kann huelen.

D'Auteurs vum der Proposition an dono d'Kommissioun selwer huet also gemengt, datt déi Saachen, wann ee se zesumme kuckt, e gewëssenen Equilibre schafen: Op där enger Säit Flexibilitéit an den Öffnungszäiten, an op där anerer Säit de Respekt vun den Awunner, déi an de Stied oder an de Gemenge wunnen.

Zweete grousser Punkt, deem hei ugeschwat gëtt, ass dee vun de Strofen. Wat besteet haut? Fir déi Leit, déi sech net un d'Öffnungszäiten halen - dat gëtt haut als Delikt ugesinn -, do steet oder do stoung am fréieren Text eng Strof tëschent 10.000 a 40.000 Lëtzebuerger Frang dran. Well et awer en Delikt war, huet d'Realitéit et mat sech bruecht, datt, eier eng Condamnatioun definitiv ausgesprach war, et ëmmer esou war, datt konnt - bis d'Condamnatioun ausgesprach war - keen aner Delikt matbezueelt ginn, dat heescht, et konnt een ëmmer nëmmen eng Kéier eng Strof verhaange kréien, an dee Moment war eng large Zone vun Zäit fräi, wou d'Constatatiounen eng no där anerer gemaach konnte ginn, op répétitif Aart a Weis, d'Strof awer, bis se ausgesprach

war, net kumulativ konnt sinn, wat selbstverständlech e Problem duergestallt huet.

Op der zweeter Säit huet den aktuellen Text virgesinn, datt eng Schléissung vum Etablissement ausgesprach ka ginn. Mä den Text huet ganz kloer virgesinn, datt, wann esou eng Schléissung ausgesprach gëtt, dat nëmmen op e Minimum vun zwee Joer ausgesprach ka ginn - net e Maximum, mä e Minimum. Dat ass natierlech eng enorm haart Strof, well et jo ganz kloer ass, dass, wann en Etablissement fir zwee Joer zougemaach gëtt, dat als logesch Konsequenz huet, datt dat Etablissement faillite ass, well Der jo net zwee Joer zoumaachen, dann dono erëm opmaachen, an déi zwee Joer näischt ufänke kënn. Dat geet einfach net, soudatt a sech déi Strof verständlecherweis kaum vu Gerichter applizéiert ginn ass.

D'Auteurs hu proposéiert, datt déi Strof vun zwee Joer vum Buergermeeschter ausgeschwat kéint ginn. Et ass awer esou - an dat ass dem Conseil d'Etat seng Remarque dozou gewiescht -, datt selbstverständlech d'Fermeture vun esou engem Etablissement als eng Peine virgesinn ass, an datt de Buergermeeschter an deem Fall, wou deem Text applizéiert gi wär, op där enger Säit d'Autorisatioun eraus géif ginn, dann och nach constatéiere géif loosse, duerch d'Police, datt a sech déi Autorisatioun iwwerschratt gi wär, an dann och nach selwer eng Kéier d'Peine selwer applizéiere misst. Dat heescht, e wär Juge et partie an engems. De Conseil d'Etat huet do ganz kloer gesot, datt dat net géif goen. D'Kommissioun ass och evidenterweis dem Conseil d'Etat an där Logik do nokomm.

Wat huet de Conseil d'Etat proposéiert? Mä de Conseil d'Etat huet a sech zwou ganz interessant Propositionen gemaach. En huet fir d'éischt d'Peine vu 40.000 Frang maximum op 80.000 Frang, respektiv op 2.000 Euro eropgesat. Net, wéi d'Auteurs et proposéiert haten, op 500.000 Lëtzebuerger Frang, mä op 80.000 Frang. Par contre huet en awer gesot, datt een an den Text aschreiwle sollt, datt et sech net méi ëm en Delikt, mä ëm eng Contraventioun handele géif.

Wat heescht dat praktesch? Mä bei enger Contraventioun ass et esou, datt, contrairement zum Delikt, all Kéiers, wann eng Contraventioun constatéiert gëtt, och eng Strof verhaangen an agedriwwen ka ginn. Soudatt déi 80.000 Frang, déi de Conseil d'Etat virschléit, contrairement zu deem, wat d'Auteurs vum der Proposition virgeschloen haten, net nëmmen eng Kéier, mä kumulativ, all Kéiers, wann eng Iwwerschreidung festgestallt gëtt, och als Strof verhaangen a kumulativ bezueelt kënnen ginn, wat dann natierlech vill méi sensibel fir déi Leit ass, déi sech net un déi Schléissungszäiten do halen. Dat ass och esou am Artikel 58 vum Code pénal fir d'Contraventionen virgesinn, datt se ebe kumulativ verhaange kënnen ginn.

Dat Zweet, wat de Conseil d'Etat proposéiert, ass, datt een dee Minimum vun zwee Joer Schléissung als Strof ëmwandelt a seet, et ka vum Tribunal verhaange gi fof-

zéng Deeg bis ee Joer Schléissung als Strof, vum Juge de police. Dat ass natierlech eng Strof, déi zwar manner héich ass, mä, well se an deem alen Text esou héich war, datt se an der Realitéit net applizéiert gi war, an dee Moment och zu engem Deel hire Sënn veluer hat, ass eng Strof, déi manner héich war - tëschent fofzéng Deeg an engem Joer - awer vill méi effikass, well se och an der Realitéit - denken ech - vill besser applizéiert ka ginn.

Aus deem Grond huet d'Kommissioun och gemengt, nodeem se och mat den Auteurs vum der Proposition geschwat hat, et sollt een déi Propositione vum Conseil d'Etat unhuelen, déi dann och hei an den Text, sou wéi en lech virläit, iwwerholl gi sinn.

Ech denken also, datt déi Proposition, sou wéi se lo virläit, realistesch an applikabel ass. Ech sinn nämlech der Meenung, datt, wann ee sech Regele gëtt - an hei féiere mer jo eng Rei och nei Regeln an -, da muss ee sech och d'Moyene ginn, fir déi Regeln ze applizéieren.

Am Résumé wëll ech soen: D'Proposition, sou wéi se hei läit, huet dräi Finalitéiten. Éischt Finalitéit ass, eng gewësse Flexibilitéit an den Öffnungszäiten anzeféieren an eng Upassung un d'Besoinen vum haut ze maachen. Zweet Finalitéit ass, grouss Rücksicht ze huelen op d'Nuetsrou an de Wunnquartieren, an drëtt Finalitéit ass, sech d'Méiglechkeet an d'Moyene ze ginn, fir déi Leit, déi Saachen, déi hei am Text virgesi sinn, net respektéieren, och ugemooßen ze bestrofen, an och esou déi Regeln, déi mer eis hei ginn, respektéieren ze doen.

Dofir denken ech, datt et en équilibréierten Text ass, deem d'Nuetslieden an eng modern an iwwerschaubar Rumm stellt. D'Kommissioun huet a senger Sëtzung vum 27. Mee dëse Rapport a l'unanimité ugeholl a schléit der Chamber vir, fir dës Proposition de loi ze stëmmen.

Ech soen lech merci fir d'Nolauschteren.

**M. le Président.-** Als éischten Diskussiounsriedner ass den Här Laurent Mosar agedroen. Den Här Mosar huet d'Wuert.

### *Discussion générale*

**M. Laurent Mosar (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Co-auteur vum dësem Gesetzesvorschlag iwwert d'fräi Nuechte wëll ech ganz kuerz zum Rapport Stellung huelen. Fir d'éischt emol wëll ech dem Rapporteur Claude Wiseler mäi grouse Merci ausgedréck fir säin excellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport, awer haaptsächlech och fir déi Aart a Weis wéi hien dem Paul Helminger a meng Virstellungen zesumme mat den Amendementer an engem kohärenten Text zesummegefaasst huet.

A sech bleift mer net schrecklech vill zu deene schrëftlechen a mëndlechen Ausféierunge vum Rapporteur bäizefügen. Ech wëll nach eng Kéier festhalen, dass dëse Gesetzesvorschlag a sech zwee Voleten huet: Deen

éischten gesäit d'Ausdehnung vum de fräien Nuechte bis 6 Auer vir. Domat gëtt hei eng Adaptatioun vum eiser Législatioun iwwert de Cabarettage u verännert Liewensgewunnechte gemaach op déi de Rapporteur schonn agaangen ass. Derniewent gëtt awer och eng Upassung vum Texter zu deene vum eisen Nopeschlänner gemaach, wou et a sech deelweis iwwerhaapt keng Schléissstonne méi gëtt, wann ech d'Beispill vum Däitschland huelen.

Den zweete Volet vum der Gesetzesproposition gesäit e méi effiziente juristesche Kader vir, dee souwuel de Buergermeeschtere wéi iwwerhaapt de Gemengen d'Méiglechkeet gëtt, Zone festzeleeën, an deene prinzipiell fräi Nuechte bis 6 Auer kënnen accordéiert ginn, an doniewent awer och de Buergermeeschteren d'Méiglechkeet gëtt, op eng méi effikass Manéier géint déi Titulaire vum esou fräien Nuechte virzegoen, déi sech net wäerten un déi allgemeng Bestëmmungen halen.

De Gesetzesvorschlag setzt a sech de legale Kader vum de fräien Nuechte fest. Un de Gemengen ass et, fir déi Zonen ze definéieren an ze délimitéieren, wou Etablissementer sech kënnen néierloossen, déi am Prinzip ënnert d'Konditiounen vum Artikel 17, Alinéa 3 falen. Déiselwecht Gemenge kënnen duerch d'Persoun vum Buergermeeschter dës fräi Nuechten accordéieren, awer och erëm entzéien, wann déi Konditiounen, déi am Artikel 17 festgeschriwwen sinn, net méi gi sinn. Dëst schéngt mer e wesentlecht Element vum Gesetzesvorschlag ze sinn, well d'Initiativ an d'Attributiounsrecht vu fräien Nuechte ganz eleng bei der Gemeng respektiv hirem Buergermeeschter bleiwen.

Ech wëll dann och direkt klor zum Ausdrock bréngen, dass eng Rei Amendementer souwuel vum der zoustänneger Kommissioun wéi vum Statsrot zu eiser Proposition gemaach gi sinn, déi den Text wesentlech verbessern. Dofir wëll ech vun dëser Plaz aus souwuel dem Statsrot wéi der zoustänneger Finanzkommissioun mäi Merci soen.

En éischten Amendement ass deem, dass d'Finanzkommissioun preziséiert huet, dass iwwerall do d'Méiglechkeet besteet, fir fräi Nuechte bis 6 Auer ze ginn, wou mer net an engem net exklusive Wunnungsgebit sinn. Ech mengen, dass dës Prezisioun wichteg ass, fir och duerno Interpretatiounsschwierigkeeten ze évitéieren.

Een aneren Amendement, dee vum Statsrot proposéiert ginn ass, gesäit vir, dass an Zukunft de Buergermeeschter iwwert den administrative Wee deene Cabarettieré fräi Nuechte kann entzéien, wann e feststellt, dass d'Konditiounen hefir net méi erfëllt sinn. Dës Méiglechkeet, déi an Zukunft de Buergermeeschter wäert hunn, wäert him also erlaben, op eng direkt a wéineg bürokratesch Manéier op deene Plazen ze intervenéieren, wou Bedreier, zum Beispill vum Diskothéiken, sech net géifen un déi festgeluegte Konditiounen halen. An darselwechter Logik huet dann och de Statsrot suggéiert, fir dovun ofze-

gesinn, de Buergermeeschtere gewësse Sanktiounsméiglechkeeten ze ginn, wéi zum Beispill d'Schléissung vun engem Lokal, dëst fir ze évitéieren, dass hei déiselwecht Instanz, déi d'Autorisatioun ausstellt, och d'Net-Observatioun vun dëser Autorisatioun géif sanktionéieren, woubäi de Statsrot, mengen ech, sech mat Recht op den Artikel 6 vun der europäescher Mënscherechtskonventioun baséiert.

Doduerch, dass de Buergermeeschter elo iwwert den administrative Wee à tout moment ka fräi Nuechten zrëckzéien, huet hie jo genuch Interventiounsméiglechkeeten, fir géint déi Bedreiwer virzegoen, déi sech net u Gesetzzer halen. All aner Strofe sollen deenen normale Gerichtsbarkeete virbehale bleiwen.

Ech géif all dës Ännerungsvirschléi nach eng Kéier expressément hei begrëssen a sinn iwwerzeegt, dass deen Text, dee mer haut hei stëmmen, en équilibréierte Kompromiss duerstellt tëschent op där enger Säit deem berechtere Wonsch vun engem méiglechst attraktiven an dynamesche Nuetsliwen an op där anerer Säit dem Recht op Nuetsrou a Liewensqualitéit vun deene Leit, déi a Rou an a Sérinitéit hir Owender léiwer doheem verbréngen. An deem Sënn géif ech dann och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun bréngen.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.-** D'Wuert huet den Här Alex Bodry.

**M. Alex Bodry (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Härën, mir hunn et haut mat dem definitive Vote ze di vun engem Gesetzesvorschlag vun zwee Majoritéitsdeputéierten, den Häre Paul Helminger a Laurent Mosar vum Mee 2000. Als Deputéierte soll een ëmmer begrësse wann och Initiative vun den Deputéierten an der Chamber zur Ofstëmmung kommen, och wann et sécherlech méi einfach fir Majoritéitsdeputéierten ass, hir Virschléi an de Plenum ze kréien an ofgestëmmt ze kréien, wéi dat de Fall ass bei Leit, déi der Oppositioun ugehéieren. Mir hunn nach esou eng Proposition haut an der Diskussioun.

Dës Proposition de loi huet eigentlech e relativ begrenzten Objet. Et geet drëm, fir zwee Artikelen ze änneren vum Gesetz vun 1989 iwwert de Regime vun de Cabareten. D'Initiativ dréint ronderëm de Problem vun de Schléissstonne vun de Caféeën.

Wat gëtt geännert? De Rapporteur huet dat schonn am Detail hei duergeluegt. Geännert gëtt eigentlech net schrecklech vill. Et bleift beim Alen, wat déi normal Schléissstonden ugeet: Bei de Cafée vu 6 Auer muerens bis 1 Auer nuets. De régime dérogatoire, dee mer haut scho kenne bis 3 Auer muerens, bleift bestoen, ouni dass do zousätzlech Konditiounen virgeschriwwen gëfen. Et bleift in extenso deen alen Text voll bestoen. Wat nei derbäikënnt an deem Punkt, dat ass, dass de Buergermeeschter ka seng Autorisatioun ginn, fir déi Öffnungs-

zäiten op 6 Auer muerens auszedehnen, dat heescht am Klortext, vu 6 Auer bis 6 Auer. Wann de Buergermeeschter déi Autorisatioun gëtt, da funktionéiert dee Café 24 Stonnen op 24. Ronderëm d'Auer ass dat Eta-blissement op, wann de Buergermeeschter déi exceptionell Autorisatioun do gëtt.

Et ka sécherlech zur Liewegkeet vun enger Stad bäidroen. De Rapporteur huet dat och richtegerweis ervirgehewen. Et ass sécherlech e Changement am Liewensrhythmus an an de Liewensgewunnechte vu ville Leit, haaptsächlech deene jonke Leit feststellen. De Législateur reagéiert hei eigentlech op eng Entwécklung an der Gesellschaft, eng Entwécklung um Terrain, och zum Deel, well sech eng gewësse Praxis breet gemaach huet niewent den Texter an deene leschte Joren. Hei gëtt also probéiert, de Gruef tëschent der Realitéit an de bestehende Gesetzzer opzefüllen.

Ob et wierklech geléngt, mat deem heiten Text dee ganz schwierigen Equilibre hierstellen, tëschent op där enger Säit dem Recht sech ze améséieren an op där anerer Säit dem legitime Recht op Rou, dat wäert eréischt d'Praxis weisen. Den alen Text huet dat nëmme bedingt fäerdeg bruecht. Ech denken, dass och deen neien Text do seng Schwierigkeete wäert hunn, fir d'Gläichgewicht tëschent deenen zwee gläichwäertige Rechter kënnen hierstellen. Dat läit net un der schlechter Qualitéit vun den Texter, mä dat läit ganz einfach un der Schwierigkeet, fir insgesamt an der Gesellschaft déi zwee Wäerter op ee gemeinsamen Nenner ze bréngen.

Wou ech ganz klor enger anerer Meenung sinn, dat ass wat d'Zilsetzung vun där Proposition de loi hei ugeet, esou wéi se am Exposé des motifs festgehalten ass. Do stong dran, dass dës Gesetzesvorschlag soll an déi ganz Fro vun de Schléisszäiten méi Transparenz a méi juristesche Sécherheet erabréngen. Ech gesinn net, wou elo déi zoustätzlech Transparenz soll erakommen. Et ass vläicht e Moudewuert, wat hei gebraucht ginn ass, déi Transparenz, mä ech weess net, wat deen neien Text méi un Transparenz bréngt wéi dat, wat elo an den Texter steet, an ech gesinn och net, ganz éierlech, wou déi zousätzlech juristesche Sécherheet soll kommen. Dofir géif ech mech éischter dem Rapporteur uschlëssen, deen am mëndleche Rapport d'Begrëffer vun Transparenz a juristescher Sécherheet wohlweislech ewechgelooss huet a se ersat huet duerch méi Flexibilitéit, déi duerch deen heiten Text an de bestehende Regime vun de Schléisszäiten erakënnt.

Wat fir mech wuel vläicht méi wichteg ass, wéi déi nei Méiglechkeet fir och elo 24 op 24 Stonnen d'Caféeën op ze hunn, wann de Buergermeeschter dat fir richtig fënnt opgrond vun deene Kritären, déi d'Gesetz him gëtt, dat ass deen zweete Volet, deen hei an dem Text steet a dee mer eigentlech gréisstendeels iwwerholl hu vum Conseil d'Etat, wou nach zousätzlech positiv Propose vun der Kommissioun matberücksichtegt gi sinn. Dat ass dee



ganze Regime vun de Strofen, deem effektiv eng Verbesserung duerstellt vun deem, wat mer haut hunn.

Haut sinn d'Strofen eigentlech ze drastesch, well se direkt op e laangjähregt Schléisse praktesch vun engem Etablissement ausgeriicht sinn, wat an der Praxis derzou gefouert huet, dass d'Gerichter sech praktesch ni bereet erkläert hunn, fir op déi drastesch Moossnam vun enger laangzäiteger Schléissung vun engem Etablissement zrëckzegräifen, wann e Verstouss géint d'Gesetzgebung vum Cabarettage virlong, well se einfach der Usicht waren, dass déi dote Strof disproportionéiert wär an hirer Schäerft zu deem eigentleche Verstouss, deem et drëm geet hei ze ahnden. Et war zevill eng streng Bestrafung virgesinn an eisem aktuellen Text, an dofir ass et richtig, dass mer opgrond vun deene Proposen, déi de Statsrot gemaach huet, hei een anere System virschloen, dass mer op den Niveau vun de Polizeistrafe ginn, dass mer domat d'Méiglechkeet éischens kréien, dass et zu engem Cumul vun eenzelne Strofe kënn, wann et zu eenzelne Vergehen an engem Etablissement kënn, dass keng Konfusioun vu Strofe vum Gericht geschwat gëtt, wat bei Delikter de Fall gewiescht wär, a virun allem doduerch, dass mer eng zäitlech begrenzte Fermeture vum Etablissement als Strof virgesi vu 15 Deeg bis ee Joer. Doduerch dass mer zousätzlech d'Méiglechkeet vun engem Sursis fir déi do Strof hei an d'Texter abauen, gi mer eigentlech dem Polizeirichter an Zukunft déi néideg Instrumenter, fir kënnen eng wierksam Strof vu Fall zu Fall opgrond vum Dossier festzeleeën.

Et ass richtig, dass mer net op de Wee gaange sinn, wéi d'Auteurs vun der Proposition de loi et virgeschloen hunn, fir dem Buergermeeschter ganz wäitreechend Pouvoire vu Sanktiounen ze ginn, déi praktesch an de judiciaire Beräich erakomm wäeren. Mat Recht huet de Statsrot a sengem Avis op eng Rei vu Problemer higewisen am Zesummenhank mat der europäescher Mënscherechtskonventioun.

Mir hu schlussendlech eestëmmeg gemengt, dass ee sollt een anere Wee goe wéi deem, deem d'Auteurs proposéiert hunn, e Wee, dee conforme ass zu eise Rechtsprinzipien awer gläichzäiteg eng gewësse Wierksamkeet vun der Strof garantéiert.

Wat mer als Kommissioun ervirgestrach hunn - ech war net ganz onschëlleg un deem Vorschlag -, dat ass, dass elo klargestallt gëtt, dass och de Buergermeeschter kann an alle Fäll e Retrait administratif virhuele vun där exceptioneller Autorisatioun, déi e ginn huet, wat d'Schleisszäiten ugeet. De Buergermeeschter kann also seng Autorisatioun zrëckzéien net nëmme wann déi ursprüngelech gesetzlech Konditiounen, wat d'Schleisszäiten ugeet, net méi gi sinn, mä och wann de Responsable vum Café, vun der Disco, wien et och ëmmer ass, géint d'Schleisszäitebestëmmunge verstéisst. Dee Moment kann de Buergermeeschter e Retrait administratif maachen, natierlech no de Regele vun der Procédure administrative non

contentieuse. Dat brauch een net extra an den Text ze schreiwen. Dat ergëtt sech vum selwen. Wa péril en la demeure ass, kann e se direkt zrëckzéien. Wann dat net de Fall ass, da muss e virdrun eng Notifikatioun maachen un deejéinegen, deem e se wëllt zrëckzéien, dass dee kann an engem gewëssenen Délai reagéieren.

**M. le Président.**- Léif Kolleegen, mir stëmmen zwar en neit Bistrosgesetz hei, mä mir setzen awer net an engem Bistro. Ech géif Iech bidden, e bëssen Är Privatgesprécher anzustellen a besser nozelauschten.

**M. Alex Bodry (LSAP).**- Merci, Här President. Ech kommen esou lues zum Schluss.

Mir stellen also als Fraktioun fest, dass deem heiten Text méi Flexibilitéit erlaabt an der gesellschaftlecher Entwécklung Rechnung dréit, mä mir gesinn awer och ganz klor déi Problemer, déi d'Applikatioun vun deem heiten Text wäert an der Praxis mat sech bréngen. Do sollt een d'Aen net virun där Realitéit verschléissen. Dofir mengen ech, dass déi Zilsetzung vun der méi grousser juristescher Sécherheet net erreecht ginn ass mat deem heiten Text. Et bleiwe selbstverständlech ëmmer Interpretatiounsmargë bei deem Text wéi och bei deem alen Text.

Ech ginn e Beispill: D'Gesetz geet elo hin, an dat ass gutt esou, a versicht mat enger gewëssener Prezisioun déi Konditiounen festzeleeën, no deenen de Buergermeeschter ze apprécieieren huet, ob e kann eng exceptionnell Schléissstonn op sechs Auer owes ginn. Mä do bleift et selbstverständlech ëmmer eng Appréciationsfro. Wéini hu mer et mat enger Zone non classée comme exclusivement résidentielle ze dinn. Dat ass juristesche keng esou prezis Notioun, dass do net Interpretatiounsméiglechkeeten an Divergenze kënn bestoen.

Wéini hu mer et am präzise Fall mat "structures adéquates pour accueillir les clients qui se déplacent en voiture" ze dinn? Dat bleift eng Appréciationsfro vum Buergermeeschter, respektiv vun de Gerichter, déi d'Décisiounen vun der Verwaltung ze kontrolléieren hunn. A schliesslech: Wéini hu mer et mat engem "trouble à la tranquillité publique" ze dinn? Wéini hu mer ze di mat "inconvenients intolérables pour les habitants des environs", wéi de Gesetzestext dat elo hei seet?

Et bleiwen also do grouss Onsécherheeten, mä et deet mer Leed et kann een esou vill Texter maache wéi ee wëllt, déi kritt een ni ganz ausgeraumt. D'Fro, déi virun allem fir mech och nach bleift, dat ass: Ginn déi Öffnungszäiten do och wierksam kontrolléiert? Dat ass jo haut schonn e Problem. Ech selwer als Force-publique-Minister, alt emol gehäit mat Courier, deem ech kritt hu, vun allméigleche Propriétaires vun esou Etablissementen, déi gemengt hu si wäeren diskriminéiert par rapport zu aneren, bei hinne géifen d'Kontrolle méi oft gemaach, bei hinne géife se éischter ugefaange ginn. D'Fro ass, ob

mer et fäerdeg bréngen, mat deem heiten Text déi dote Problemer ganz aus der Welt ze schafen. Ech mengen op jidde Fall fir déi, déi bis dräi Auer respektiv bis eng Auer fueren, bleiwen déi Problemer och an Zukunft bestoen. An et bleift och op Grond vun deem, wat de Minister Frieden gesot huet, nach ëmmer d'Fro, wéi esou Versteiss vum Parquet behandelt ginn. Komme se op d'Gerichter oder gi se klasséiert? Och dat bleift also eng ganz wichteg Fro.

Mir sinn also, fir dat zesummenzefaassen, der Meenung, dass dat heiten en Text ass, dee gutt ass, deen awer net all déi Problemer léist, déi e sech vläicht virgeholl hat ze léisen. Do bleiwen also grouss Margen an Zukunft bestoen. D'Praxis muss eigentlech weisen, ob deen heiten Text seng Preuvë besteet oder net. Mir wëlle kloer zum Ausdrock bréngen, dass mer nach wie vor der Meenung sinn, dass am Regelfall fir Caféen d'Öffnungszäit bis eng Auer soll sinn an dass nëmmen à titre exceptionnel bis dräi Auer an à titre très exceptionnel bis sechs Auer eng Verlängerung ka kommen. Et soll een do also de Prinzip an d'Ausnahmen net an der Prioritéit matenee verméschen. Dat gesot, wäert eis Fraktioun an hirer grousser Majoritéit deen heiten Text stëmmen.

**M. le Président.**- Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Xavier Bettel agedroen. Den Här Bettel huet d'Wuert.

**M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Claude Wiseler merci soe fir säi schrëftlechen a säi mëndleche Rapport. Ech wëll awer virun allem och dem Här Helminger an dem Här Mosar merci soe fir d'Initiativ vun dëser Proposition de loi. Ech si virun allem frou, als fréiere Nationalpresident vun de Jonkdemokraten, déi laang insistéiert hunn, fir esou eng Legislatiounsännerung ze kréien, dass dat haut de Fall ass.

D'Fro am Ufank - an ech wëll, dass déi zwee Auteuren dat elo net schlecht huelen -, mä wéi si an der Gemeng gewielt gi sinn 1999 am Oktober war am Nuetsliewe grouss Panik bei verschidde Leit, wou gesot ginn ass: "D'Police ass méi streng ginn; et ass méi hei, et ass méi do." Hei hutt Der jo awer de Beweis, dass dat guer net de Fall war, an dass duerch dës Proposition de loi au contraire jo gekuckt gëtt, fir datt op där enger Säit d'Tranquillitéit vun de Riverainen, op där anerer Säit d'Amusement vun de Leit, déi owes op den Tour ginn, conciliéiert ginn. Dir hutt de Beweis hei, dass op jidde Fall d'Initiateure vun dëser Proposition de loi jo guer näischt géint d'Nuetsliewen hunn, loin de là au contraire eppes Neies wëlle maachen.

D'Nuetsliewe gehéiert fir vill Leit zur Kultur. Jo! Vill jonk Leit gi léiwer ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Et hänkt dovun of wat fir en Nuetsliewen.

**M. Xavier Bettel (DP).**- Wat mengt Der domadder, Här Di Bartolomeo?

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dir wësst genee, wat ech mengen. Ech muss lech jo näischt molen.

**M. le Président.**- Fuert virun, Här Bettel. Dir braucht net ze diskutéiere mat all Deputéierten. Sot wat Der ze soen hutt zum Projet.

**M. Xavier Bettel (DP).**- Voilà! Fir ganz vill Leit gehéiert d'Nuetsliewen och zur Kultur, a wéi den Här Wiseler et scho virdru gesot huet, ginn d'Leit ëmmer méi spéit eraus.

### *(Coups de cloche de la Présidence)*

D'Leit bleiwe méi laang am Restaurant sëtzen, da gi se an de Bistro. D'Bistroe maachen och net um eng Auer zou an da kommen d'Leit an d'Disko géint zwou Auer an da muss e Propriétaire vun enger Disko an anerhallef oder an zwou Stonne säi ganzen Émsaz, wa méiglech dann nach freides a samsdes, maachen. Dat wat och net machbar ass, wann ee weess, dass do awer vill Sue mussen investéiert ginn.

De Cadre légal vun dëser Proposition de loi ass ganz wichteg, ech hunn lech et virdru gesot. Hei am Land huet een heiansdo d'Gefill, dass et duergeet eng Zap-anlag an eng Keess ze hunn an dann Haptsaach et rabbelt an der Keess. Wann Der am Ausland, zum Beispill an enger grousser Hauptstadt, sidd, da gitt Der laanscht e Bistro oder eng Disko, well do d'Dieren zou sinn, dann héiert Der carrément guer glad näischt. Dat stëmmt. Hei am Land ass dat net de Fall an ech hoffen, dass elo mat deem Text och dann d'Bistrotieren oder d'Tenanciere vun enger Disko dat wäerten änneren an da Sue wäerten investéieren, ob dat elo an der Insonorisatioun ass, duerch eng Klimaanlage oder duerch hermetesch Fënsteren oder ech weess net wéi, mä op jidde Fall, fir dass ee manner Kaméidi héiert.

Den Equiliber ass wéi gesot do. Här Fayot, Dir gesitt jo awer am Text - an ech mengen dat ass jo dee wichtigste Punkt an där Proposition de loi -, wou ënnert deem drëtte Punkt steet, dass et net soll en Trouble au voisinage sinn. Dat anert mam Parking, da kann een ëmmer kucken, ob dat elo direkt niewendrun ass, vis-à-vis oder e bësse méi wäit ewech oder dass e Shuttle-Bus organiséiert gëtt. Mä ech mengen de Prinzip ass jo awer - a mir hate jo och de Fall vun enger Disko, wou nëmmen eng Strooss do war, wou sechs oder siwen Honnert Autoen am Owend duerch déi Strooss gefuer sinn, well se keen anere Wee haten. Dat ass och en Trouble voisinage, deen direkt duerch déi Disko do ass.

Ech mengen et muss een et fäerdeg bréngen, eng Amusementsplaz ze hunn, wou ee kann owes erausgoen a wou een d'Leit net stéiert. Wann een esou eng Autorisatioun kritt, an et weess ee jo, dass et keng definitiv ass,

mä dass et eppes ass, wat ee jo kritt a wou ee sech da muss drun halen, soss kann een et jo ewechgeholl kréien. Wann een se ewechgeholl kritt ass et jo, well ee sech net un d'Regele gehalen huet oder seng eege Clienten, déi jo da vun där Dispositioun do profitéiert hunn, och ebe sech net dru gehalen hunn, an dass de Patron doduerch sanctionnéiert ginn ass.

Heiansdo hunn ech och d'Gefill, wann ech mat Leit schwätzen, an net nëmmen hei an der Chamber, wéi wa se ni jonk gewiescht wäeren an ni erausgaange wäeren, an dass se déi Zäit scho laang vergiess hätten. Ech kann lech et just soen, verschidden Argumenter, déi ech héieren hunn, d'Leit sollen de Weekend schlofen, wa se d'Woch ganz vill schaffen oder da géifen d'Leit méi drénken an et géife méi Autosaccidenter geschéien.

Also dës Argumenter si ridicule! Ech mengen am Ausland ass bewise ginn, dass au contraire, wann Der um dräi Auer zou macht an Dir hutt véier oder fënnef Honnert Leit, déi der all zesummen op d'Strooss setzt, dann hutt Der Kaméidi. D'Leit meckeren. Et wäert jo jiddferee scho vun lech - oder vläicht erënnert Der lech net méi drun - wann Der iergendwou waart héieren hunn, wa gesot gouf et ass Feierowend um dräi Auer, dass da véier oder fënnef Honnert Leit sinn, déi brailléieren, déi fuerchtbar rose sinn, déi op der Strooss sinn, déi tuten a virun der Dier nach eng Stonn alleguerte mateneen diskutéieren.

Ech mengen, elo tëschent dräi a sechs ...

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Mir si fir gleitend Schließzäiten.

**M. Xavier Bettel (DP).**- Dat heescht um dräi Auer hu Der elo net méi dee Brouhaha vu Leit, déi alleguerten op eng Kéier erausginn.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Dir loosst Der ëmmer nëmmen zéng mateneen eraus. Déi aner musse bleiwen.

#### *(Hilarité et coups de cloche de la Présidence)*

**M. Xavier Bettel (DP).**- Dat mam Alkohol, dat ass am Ausland bewise ginn, dat stëmmt och net. Au contraire, um halwer dräi hunn d'Leit dann de leschten Tour an da gëtt nach séier eppes bestallt, eppes séier gedronk an da si se um dräi Auer fort. Dat heescht dat Argument, dass se méi géifen drénken, ass och net richtig.

Wouriwwer ech awer frou wär, dat ass, wann d'Gemengepapp an d'Gemengemämm, wa se déi Autorisatiounen do ginn, fir bis sechs Auer opzeloossen, virun allem wa se déi Autorisatiounen ewechhuelen awer de Leit en Avertissement virdru ginn. Dat ass an der Proposition de loi net virgesinn, mä ech mengen, wann de Propriétaire vun engem Bistro oder enger Disko sech net un eng Regel hält, da soll en d'Méiglechkeet hunn, wann en eng Kéier eben e Feeler gemaach huet, awer en Avertissement vu senger Gemeng ze kréien, wou da consta-téiert gëtt, dass en deen an deen Dag dat net gemaach

huet an net direkt e Bréif kritt, fir gesot ze kréien hien hätt elo keng fräi Nuecht méi bis dräi oder bis sechs Auer. Einfach de Prinzip, dass een d'Leit soll avertéieren, fir dass se dann an Zukunft solle méi oppassen.

Ech soen dann op jidde Fall merci all deene Leit, déi dat stëmmen. Wéi gesot, et ass keen Trouble au voisinage, deen domadder provoziert gëtt, au contraire. Déi meescht soe jo mir wäeren eng europäesch Hauptstadt, mä d'Leit sinn alleguerten hei esou enttäuscht, wa se um dräi Auer erausginn an da gëtt ëmmer gesot d'Diskoe sinn all zou, d'Caféé sinn all zou, et muss een an de Cabaret goen, déi ginn net zou gemaach. Dat ass och falsch. Also, krut ech gesot.

#### *(Hilarité)*

Déi ginn och um dräi Auer ganz oft zou gemaach.

#### *(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

Wéi gesot, elo ass dat eppes. Et ass eng Demande do, an esou laang wéi et jo deen een oder deen aneren net stéiert. Ech mengen als Liberale soll een de Leit jo awer d'Méiglechkeet gi selwer hir Verantwortung ze droen, a vergiesst net, Dir waart alleguerten och eng Kéier jonk. Ech weess fir déi eng oder aner, déi nach Kanner hunn...

**Une voix.**- Dir och.

#### *(Interruptions diverses)*

**M. le Président.**- Kolleegen, et kënnt ëmmer méi eng bistroähnlech Atmosphär hei op. Ech géif lech bidden, roueg ze sinn, nozelauschten an de Riedner net dauernd ze ënnerbriechen.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Déi Jonk mengen, Dir wäert schonn e bëssen al ginn.

**Une autre voix.**- Dat ass awer net ëmmer einfach, Här President.

**M. le Président.**- Jo, dat ass net einfach. Ech weess et, mä dat ass awer esou an der Demokratie. Et muss een och deem anere kënnen nolauschten.

**M. Xavier Bettel (DP).**- Här President, wann ech elo däerf endlech fäerdeg schwätzen.

**M. le Président.**- Kommt wann ech glift zum Schluss.

**M. Xavier Bettel (DP).**- Ech hunn nach Zäit, Här President.

**M. le Président.**- Dir loosst lech dauernd ënnerbriechen. Dir macht Pausen. Fuert dach einfach virun. Wann Dir net dauernd géingt ënnerbriechen an ophalen, wann een en Zwëscheruff mécht, da wäert Dir scho laang fäerdeg.

#### *(Hilarité)*

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP).**- Et ass awer esou schéin, Här President.

**M. Xavier Bettel (DP).** - Op jidde Fall am Numm vun der Demokratescher Partei wäerte mer dësen Text stëmmen. Nach eng Kéier vun hei aus, a mengem perséinlechen Numm, deenen zwee Initiateuren e grouse Merci.

**M. le Président.** - Als nächsten Diskussiounsriedner ass den Här Gast Gibéryen agedroen. Den Här Gibéryen huet d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen (ADR).** - Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi hei, et ass am Fong eng Proposition de loi. De Projet de loi kéint ee soen, wann de Stater Gemengerot d'Recht hätt, fir Gesetzter ze maachen, dann hätte se dat am Fong kéinten am Stater Gemengerot maachen, well d'Proposition de loi, déi ass jo vum Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg a vun engem Schäfte gemaach ginn. De Rapporteur, dat war och ee Schäfte oder ass ee Schäfte vun der Stad Lëtzebuerg, sou datt een am Fong och direkt gesäit, wou de Besoin ass, firwat dass dës Proposition de loi gemaach ginn ass an haut hei och als Gesetz ëmgesat gëtt.

Et ass awer eng gutt Initiativ, an duerfir kann een nëmmen den Auteure félicitéieren an och wëll ech dem Rapporteur, dem Kolleeg Wiseler, merci soen, fir säi gudden explizite Rapport, deen e gemaach huet. Dësse Projet oder dës Proposition de loi hu mer an der Finanzkommissioun e puer Mol duerchdiskutéiert. Et ass e kleng Projekt, mä et ass trotzdeem ee Projekt gewiescht, wou den Intérêt grouss drun ass bei de Leit dobaussen an och hei bei eis intern. Ech mengen och den Avis, dee mer vum Conseil d'Etat kritt hunn, deen huet eng Rei vun Ännerunge mat sech bruecht, déi dozou gefouert hunn, datt mer de Projet amendéiert hunn an déi Form, wéi mer en haut hei virleien hunn.

Et ass eng Realitéit, datt d'Nuetsliewe sech geännert huet. D'Leit ginn haut anescht ersaus, wéi dat zu eiser Zäit war. Zu där Zäit, wou mir schonn ugefaangen hunn drun ze denken, fir eventuell heem ze goen, ginn haut déi meescht Jugendlech ersaus. Dat ass eng Realitéit an heiansdo ziele mir eis jo och nach zu där Jugend, ...

### ***(Coups de cloche de la Présidence)***

... déi zu där Zäit wëllt erausgoen. Dann ass et scho richtig, datt mer feststellen, datt et bal net méi derwäert ass, wann een um eng Auer eréischt kann erausgoen, fir da schonn erëm um dräi Auer wëllen heem ze goen.

Duerfir ass dee Projet hei, deen elo de Gemengen d'Méiglechkeet gëtt, fir eben ënnert enger Rei vu Konditiounen bis sechs Auer déi eenzel Etablissementer opzeloossen. Un den Zäiten, déi bis haut bestanen hunn, déi normal bis eng oder bis dräi Auer, dorunner ännert sech näischt, mä et kann een, wéi gesot, elo zousätzlech doriwwer ersaus bis sechs Auer d'Öffnungszäite maachen. Et ginn dann awer Critèren a Konditiounen, déi dat entouréieren. Et mussen Zoné sinn, déi net exklusiv als résidentiel deklaréiert sinn. Et muss genügend Parkplazen do sinn an et

dierf keen Troublement fir déi Leit sinn, déi ronderëm esou Etablissementer wunnen.

Nei ass och, datt eng fräi Nuecht - wéi mer se am Volleksmond nennen - ka vum Buergermeeschter ewechgeholl ginn an net nëmmen déi vu sechs Auer, mä och neierdëngs dann déi vun dräi Auer. Op d'Strofe wëll ech net weider drop agoen, do ass eng aner Formule agefouert ginn, de Rapporteur huet dat schonn hei am Detail gemaach.

Et stelle sech zwou prinzipiell Froen, déi ee kéint hei opwerfen. Dat éischt ass, fir datt e Buergermeeschter - esou wéi ech géif d'Gesetz interpretéieren - kéint dës fräi Nuechte bis sechs Auer ginn, missten am Fong déi eenzel Gemenge fir d'éischt dann an hire PAGen (Plans d'aménagement) déi Zonen determinéieren, déi exklusiv résidentiel sinn. Wann dat net de Fall ass, well keng där Zone bezechent sinn, da géif dat menger Interpretatioun no bedäiten, datt de Buergermeeschter bis zu esou enger Décisioun am Fong iwwerall kéint déi Autorisatiounen ginn. Et ass also elo wahrscheinlech un deene Gemengen, dat ze maachen, wann dat nach net geschitt ass. Déi meescht Gemengen hunn haut déi Plangen. Ob se elo expressis verbis genau déiselwecht Formulierung an hire Bautereglementer oder an hire PAG stoen hunn, wéi mir se elo am Gesetz festschreiwen, dat ass eng aner Fro, well jee nodeem wéini déi gemaach gi sinn, kann ee feststellen, dass déi Termen och anescht ausgedréckt sinn, wéi mir se haut am Gesetz stoen hunn. Eng vun de Konditiounen ass, dass d'Gemengen déi Zonen auszeechnen, wou net ka bis 6 Auer op sinn.

Et ass hei geschwat ginn, dass d'Nuetsliewen an enger Stad - mä Virriedner huet vun enger europäescher Hauptstadt geschwat - géif doduerch opgewäert ginn. Och do gëtt et gedeelte Meenungen. Déi eng mengen, dass dat net onbedingt zu enger Opliewung vum Nuetsliewen an der Stad selwer misst bäidroen, well d'Nuetsliewe ka sech jo och op d'gréng Wiss ersaus verlagere, wou et dann do Etablissementer gëtt, souguer mat Restauratioun, esou wéi mer haut Kinoskomplexer kennen, déi aus dem Zentrum an d'Périphérie zéien, an do net nëmme Kino ubidden, mä alles wat zum gesellschaftleche Liewen derzougehéiert: Restauranten, Discoen, Boutiquen, eben alles offréiert gëtt. Esou kann ee sech virstellen, dass och muer Leit kommen, déi op d'gréng Wiss erausginn an do Diskotéiken opmaachen, déi bis sechs Auer muerens kënnen opbleiwen, a wou genügend Parkraum ass, wou keng Nopere sinn. Et gëtt alles ugebueden, fir déi Leit net eréischt um eng Auer nuets dohinner ze kréien, mä se e ganzen Owend do ze beschäftegen.

Dat kann eng Folleg vun dësem Gesetz ginn an et géif net onbedingt bedeuten, dass doduerch d'Nuetsliewen an der Stad selwer géif méi attraktiv ginn, mä et kann ee soen, et gëtt méi attraktiv iergendwou an dësem Land, wou dat Ganzt sech herno usiedelt.



Et schéngt mir eng Konsequenz ze gi vun esou engem Gesetz, dass, wann herno dat Nuetsliewen, wat iwwer dräi Auer nuets erausgeet bis sechs Auer muerens, sech op d'gréng Wiss oder an d'Périphérie verlagert, dann eng gewësse Circulatioun entsteet, well Leit dann nach um dräi Auer, wann déi Etablissementer an der Stad mussen zoumaachen, an en anert Etablissement fuere wat bis sechs Auer op ass.

Mir hunn dat och haut schonn zum Deel, obwuel déi Méiglechkeet hei am Land net ginn ass, mat Ausnahm vun de Cabareten, d'Leit awer an déi däitsch oder an déi belsch Grenzregioun fueren, well et do Etablissementer gëtt, déi bis sechs Auer op hunn. Mir hunn doduerch elo schonn déi Circulatioun, déi zu engem gewëssenen Zäitpunkt entsteet.

Dofir géif ech mengen, dass ee soll berücksichtegen, dass mer vläicht heimat e Schrack maachen, dee mer bei de grandes surfaces festgestallt hunn, dass déi op déi gréng Wiss erausgaange sinn an doduerch an den Zentre vun de Stied an och an den Uertschaften déi kleng Geschäfte alleguer verschwonne sinn. Esou kann dat hei och bedeuten, wann déi richteg Leit op der grénge Wiss an dës Iddi investéieren, dass an dem Zentrum vun de Stied Restauranten an aner Etablissementer, déi elo bis eng oder dräi Auer ophaten, grouss Konkurrenz kréien an an Zukunft doduerch kënnen gezwonge ginn, ofzebauen oder zouzemaachen.

Et gëtt wuel insgesamt eng Opwäertung vum Nuetsliewen, awer net onbedéngt eng Opwäertung vum Nuetsliewe vun enger Stad, et ka wéi gesot eng Verlagerung bedeute vum Nuetsliewen op d'gréng Wiss. Mä well engersäits de Besoin besteet vun deene Leit, déi erausginn, fir eng Plaz ze fannen, fir bis muerens sechs Auer kënnen ze feieren, huet et scho seng Wichtigkeet, dass mer an déi Richtung ginn, mä op där anerer Säit mussen déi Leit, déi am Abléck ronderëm esou Haiser liewen an an der Regel schonn do gewunnt hunn, ier déi Etablissementer opgaange sinn, awer e Recht drop hunn, fir hir Rou anzekloen. Am Respekt vun deene Leit ass et scho wichteg, dass mer dës Projet stëmmen, an dofir ass et selbstverständlech, dass ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun bréngen.

**M. le Président.** - D'Wuert huet den Här François Bausch.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de Rapporteur huet virdru gesot, dës Proposition de loi géng dräi Finalitéiten ustriewen. Et si mat him d'accord, dass zwou vun deenen dräi, déi en opgezielt huet, sécherlech wäerten erreecht ginn. Bei enger hu mir als Gréng awer eis Zweifelen, dass mer dat wäerten erreechen, an zwar dass duerch dës Gesetzespropositioun an déi Ännerungen, déi mer virhuelen duerch dëst Gesetz, d'Belästegung vun de Bierger a Biergerinnen an de Quartiere vum Nuetsliewe wäert ofhuelen.

Wa mer kucken, wat mer duerch dëst Gesetz maachen, da kann een engersäits feststellen, dass à la rigueur sech esouguer d'Situatioun kéint an eenzelne Quartiere verschlëmmen. Mir hunn och laang an der Kommissioun doriwwer diskutéiert a sinn zu Recht, dat muss ech zwar soen, zur Konklusioun komm, dass op Basis vun dësem Gesetz een näischt aneschtens konnt maache wéi dat, wat hei gemaach gëtt. Mir hu laang gesicht, fir eng Terminologie ze fannen a sinn eis schlussendlech eens ginn, dass mer géingen dra schreiwen, dass verschidden Etablissementer nëmmen dierften an Zonë sech néierloossen, déi net exclusivement résidentiell wäeren, woubäi een awer muss wëssen, dass dat wäitgehend ofhängt vun de Bebauungspläng an deenen eenzelne Gemengen an déi Bebauungspläng an deenen eenzelne Gemengen immens ënnerschiddlech sinn. Et gëtt wahrscheinlech ganz weéneeg Gemengen am Land, déi an hirem Bebauungsplang Zonen ausweisen, déi exclusivement résidentiell sinn. Et kann ee sech souguer d'Fro stellen, ob an engem moderne stäteplaneresche Sënn et sënnavoll wär, dass ee géif Zonen ausweisen, déi nëmme résidentielle Charakter hätten.

Mir wëssen alleguer, wa mer mat esou Quartiere konfrontéiert sinn, wat sou genannte Schlofquartiere sinn, d'Leit fir alles wat doriwwer erausgeet mussen an en anere Quartier goen an dat da meeschtens mam Auto maachen, wat dann zu Problemer féiert. Dat ergëtt keng gesond Situatioun, an et wär éischer ustriewenswäert, fir an de Gemenge Mëschstrukturen ze schafen, wou verschidde Saachen awer kënnen stattfannen.

Wann een déi Definitioun kuckt, dann ass et net garantéiert oder et wäert ganz schwéier sinn duerch dëst Gesetz ze verhënnern, dass d'Gemengen herno d'Moyenen hunn, fir ze évitieren, dass a résidentielle Quartiere gréisser Disco-Infrastrukturen oder wat och ëmmer hikommen, insofern déi natierlech an Aklank si mat der Kommodosgesetzgebung, wou ee wuel kann Oplage maachen. Dat ass alles an der Rei. Et wäert awer relativ schwéier gi fir do Klorheet ze kréien, ausser wann eng Gemeng wierklech ganz prezis Definitiounen an hirem Bebauungsplang huet.

Wann ech d'Gemeng Lëtzebuerg zum Beispill kucken, do ass et souguer esou, dass wéi mer de Joly-Plang agefouert hunn, eng ganz Rei Zones mixtes ausgewise gi sinn, déi relativ wäit ginn, wou ee relativ vill ka maachen a wou haut nach vill Leit wunnen. Ech gesinn do gréisser Konflikter op eis zoukommen.

Een anere Problem, firwat dass mir net der Meenung sinn, dass d'Finalitéit, dass d'Leit net méi belästegt ginn, géif erreecht ginn, dat ass dee vum Verkéier. Et ass esou, dass am Gesetz zwar elo gesot gëtt, dass den Accès zu deenen Infrastrukture misst garantéiert ginn, dass och e gewëssene Parkraum misst zur Verfügung sinn, mä alles dat léist sécherlech net de Problem vum Verkéier.

Wa mer eng gréisser Disco oder Cabaretsinfrastruktur an enger Stad hunn, dann ass et zimlech klor, dass et sech net nëmmen ëm zwou Dosen Autoen handelt, déi sech do an engem Owend déplacéieren, mä et sinn der vill, an eiser Meenung no misst déi éischt Prioritéit sinn, och emol eng Kéier ze iwwerleeën, wéi een d'Leit dohinner kritt, ouni dass jiddferee muss mam Auto dohinner fueren, dat heescht, wéi ee mam öffentlechen Transport ka garantéieren, dass déi betrafte Leit kënnen an esou Etablissementer fueren, ouni den Auto ze huelen.

A puncto öffentlechen Transport si mer zu Lëtzebuerg awer nach wierklech an engem embryonale Stadium, wat d'Fantasie an d'Initiativen ubelaangt. Et gëtt ganz wéineg Initiativen, wou bis elo versicht ginn ass, den öffentlechen Transport attraktiv fir de Fräizäitverkéier insgesamt mä nach méi speziell fir d'Nuetsliewen ze gestalten. Et gëtt eenzel Initiativen an der Gemeng Lëtzebuerg. Verschiddener si mat méi oder manner Succès probéiert ginn. Dat huet och gewësse Grënn iwwert déi ech elo net wëll diskutéieren, well dat géng ze wäit féieren. Mir mengen, dass ee misst, gesamt gesinn, zu Lëtzebuerg sech emol méi Gedanken driwwer maachen, wéi een de Fräizäitverkéier kënnt besser mam öffentlechen Transport bewältigen a spezifesch den Nuetsverkéier. Esoulaang mer dat net gemaach hunn, wäerte mer déi ganz Problematik do net an de Grëff kréien, mat Sécherheet och net duerch dëst Gesetz.

Et stellt sech eng ganz Rei vu Froen a puncto Sécherheet am Zesummenhank mam Verkéier. Mir wëssen, wa mer iwwert d'Nuetsliewen diskutéieren, dass do vill Alkohol am Spill ass. A wann Alkohol am Spill ass, dann huet dat eng besonnesch Bedeitung, zemools wann een iwwert d'Verkéiersmëttel Auto schwätzt. Do ass eng ganz Problematik, déi sech hannendru verstoppt, déi een eigentlech nëmme geléist kritt, wann een en attraktiven öffentlechen Transport huet, fir dee Verkéier ze regelen. Mä do ass bis elo wéineg gemaach ginn.

Wann ech mer d'Konzept "mobilitéit.lu" ukucken, do stellen ech fest, dass sech gréisstendeels baséiert gëtt op d'Spëtzenzäiten an op de Beruffsverkéier. Et gëtt rose wéineg Wieder verluer iwwert de Fräizäitverkéier am Allgemengen. Dat ass ee grouse Schwaachpunkt vun deem Konzept, well wann een emol d'Chiffre kuckt, déi mer um Dësch leien hu vu Luxtrafic vun ufanks den 90er Joren, mä och nach Chiffre vun duerno, esou beleen déi, dass de Fräizäitverkéier an der Zwëschenzäit mindestens esou e grouse Problem duerstellt wéi de Beruffsverkéier, deen awer leider oft ënnerschat gëtt.

Ech hu mer dofir erlaabt am Numm vu menger Fraktioun eng Motioun ze maachen am Kader vun dëser Proposition de loi, Motioun, déi an d'Richtung geet, fir d'Regierung opzufuerderen,

- fir alles a Bewegung ze setzen, dass mer emol endlech eng uerdentlech Offer am öffentlechen Transport

kréien ausserhalb vun de Spëtzenstonnen an ausserhalb vun der Diskussioun iwwert de Beruffsverkéier,

- dass d'Konzept "mobilitéit.lu" soll erweidert ginn duerch e Konzept "vie nocturne" zum Beispill, wou da géng versicht ginn, ganz konkret Pisten opzeweisen, wat gemaach kéint ginn am Allgemengen a virun allem an de Regiounen, fir déi Zort vu Verkéier an de Grëff ze kréien.

### Motion 1

*La Chambre des Députés*

*considérant*

- *le développement général de la vie nocturne,*
- *que la proposition de loi modifiant les articles 17 et 19 de la loi du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets prorogera sous certaines conditions les heures d'ouverture des débits de boissons,*
- *que pour pouvoir disposer d'une prorogation l'établissement doit se trouver dans une zone qui n'est pas classée comme exclusivement résidentielle et doit disposer ou avoir accès à des structures adéquates pour accueillir les clients se déplaçant en voiture,*
- *que ces dispositions risquent de favoriser le trafic motorisé individuel et de provoquer une augmentation sensible de celui-ci avec les nuisances qui en découlent,*
- *qu'il importe aussi de mettre tout en oeuvre pour favoriser l'utilisation du transport public durant le temps de loisir,*
- *que l'offre au niveau des transports publics pour les périodes nocturnes est sous-développée,*
- *qu'une amélioration de cette offre aurait également des effets positifs en matière de sécurité routière,*

*invite le Gouvernement*

- *à tout mettre en oeuvre pour développer l'offre du transport public au-delà des heures de pointes et notamment pour les trajets effectués à des fins de loisir,*
- *à développer dans le cadre du projet "mobilitéit.lu" un concept attractif "vie nocturne",*
- *à se donner une stratégie pour inciter la population à profiter d'une offre améliorée de transport public pour les trajets effectués à des fins de loisir.*

(s.) François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss, Renée Wagener.

Een anere Punkt, dee sécherlech och net geregelt gëtt, mä deen awer ze dinn huet mat der Belästegung vun de Leit, dat ass dee vum Kaméidi. Et ass esou, dass ganz wéineg Gemengen am Moment eege Reglementer fir

de Kaméidi hunn. Et gëtt der eng Rei. Zum Beispill wéini een dierf de Wuess méien. Sonndes och oder net? D'Gemeng Bartreng - Här Bettendorf, wann ech falsch leien, kënn Der mech herno berichtegen - déi huet esou e Reglement geholl, wat de Kaméidi ubelaangt.

Ech mengen, dass e Lärmreglement op kommunalem Niveau wichteg ass, virun allem a grouss Gemengen, fir de Problem vun der Belästegung an de Grëff ze kréien. Do hapert et nach ellen an dofir menge mir, wa mer et net fäerdeg bréngen, och am nationale Beräich eng uerdentlech Gesetzgebung ze kréien, esou eng Aart Lärmschutzverordnung ze kréien, déi den Numm och verdéngt, déi de Gemenge géif Ureizer ginn, respektiv Weeër opweisen, wéi se dat kënnten um kommunale Plang nach erweiteren, da wäerte mer dee Problem sécher net an de Grëff kréien.

Dee leschte Punkt, deen eis eigentlech net zefridde stellt, dat ass deen, dass mer quasi alles an een Dëppe geheien. Mir maache keng Differenzen an dësem Gesetz, ob et elo e Bistro, e Cabaret, eng Disco ass, alles fällt ënnert déiselwecht Bestëmmungen. Dobäi handelt et sech effektiv ëm ganz verschidde Saachen, virun allem och wat déi ganz Problematik vun der Belästegung ugeet. Mä net nëmmen dee Problem, och aner Problemer stelle sech, zum Beispill wat d'Sécherheet ubelaangt. Mir hu schonn oft Reklamatiounen kritt, souguer vun der Police, déi seet, dass et ganz schwéier wär fir si, fir ze handeln, vu que datt alles ënnert déiselwecht Bestëmmungen fällt an et awer eben immens Ënnerscheeder gëtt, je nodeem ob et sech ëm e Cabaret handelt, e Café oder eng Disco. Do misst een och eng Keier déi ganz Gesetzgebung reforméieren, fir dass mer do besser Konditiounen kréien.

Datt mer déi dote Froen net zefriddestellend geléist kréien, läit an der Logik vun der Saach, wéi et eigentlech zu där Proposition de loi hei komm ass. Den Ursprung vun dëser Proposition de loi war net prioritär d'Besuergegnis fir d'Belästegung vun de Bierger ewechzekeréien, mä den Ursprung war deen, dass mer effektiv hu misste feststellen um Niveau vun de Gemengen, dass déi Gemeengeverantwortlech machtlos ware wa Schléiss-tonnen net agehale gi sinn, well déijéineg, déi Protokoller kritt hunn, déi einfach locker bezuelt hunn an et hinnen zimlech egal war an et bal eng Saach vun der Onméiglechkeet war, fir wierklech Handhabungen ze kréie fir d'Gemengen, fir kënnen deemtspriechend ze handeln an deem Unfug en Enn ze setzen. Dat war eigentlech den Ursprung, firwat et zu enger Proposition de loi komm ass.

Et ass dunn no an no am Kader vun den Diskussiounen natierlech ausgedehnt ginn op déi Froen vun der Belästegung vun de Bierger an de Quartieren, mä et war awer relativ séier kloer ginn an den Diskussiounen, dass déi Froen alleguer net ze léise wieren am Kader vun dëser Proposition de loi.

Mir hoffen awer, dass mer net heibäi stoe bleiwen an dass mer déi Froen och alleguer an deem Kader, dee sech gehéiert, an deenen nächste Jore wäerte léisen, well nëmmen da wäerte mer évitéieren, dass mer ëmmer erëm nei Biergerinitiativen an Uertschaften kréien, déi sech zu Recht, menger Meenung no, wiere géint onnëtz Nuetsbelästegung.

Ech mengen, et muss am Intérêt si vun eis alleguer heibannen, dass mer e gesonde Kompromëss fannen tëschent engem Land, wou en Nuetsliewe sécherlech soll erlaabt sinn. Et ass keen heibannen, dee sech wënscht, dass mer eng Kéisklack op d'Lëtzebuurger Land setzen an näischt méi owes méiglech ass, mä et muss awer esou geregelt ginn, dass et nach vivable ass fir d'Leit an dat muss eisen Intérêt alleguer heibanne sinn.

Dofir stëmme mer och dës Proposition de loi, well mer mengen, dass se einfach eng Rei Usätz bitt, déi an déi richteg Richtung ginn, mä eis awer net global zefridde stellen. Mir hoffen awer och, dass déi Motioun, déi ech haut agereecht hunn, déi en éischte Schratt soll si fir engem weidere Problem ze begéinen, nämlech fir de Verkéier besser an de Grëff ze kréien, Eestëmmegkeet am Parlament wäert kréien, well ech mengen, jidderee gëtt sécherlech a senger Gemeng oder a senger Regioun vu Bierger belaangt mat där doter Problematik. Dofir dierft et och kengem heibanne schwéier falen, fir d'Regierung opzufuerderen, och dat Konzept Mobilitéit an esou engem Sënn ze erwidern.

Ech soen lech merci.

**M. le Président.** - Als leschten Diskussiounsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

**M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).** - Här President, et schéngt mer, wéi wann dës Gesetzpropositioun haaptsächlech ausgerichtet ass op d'Stad Lëtzebuerg. Si stellt an engem gewësse Sënn eng lokal Nischepolitik duer, fir d'Attraktivitéit vum Nuetsliewen an der Stad ze verbessern.

An Zonen, déi klasséiert sinn als net "exclusivement résidentielles", an dem allgemengen Amenagéierungsplang vun den Uertschaften, kënnen Etablissementer elo, wa se d'Autorisatioun kritt hunn, bis sechs Auer moies opbleiwen.

Vill Gemengen hunn awer esou eng Andeelung, déi am Gesetzestext ënnert der Bezeechnung "exclusivement résidentielles" steet, net. Entweder misste se déi elo an hirem Amenagéierungsplang aféieren, oder se misste vläicht och, ouni se ze hunn, enger Rei vun Ufroen da Rechnung droen.

Zu Esch zum Beispill hu mer déi Andeelung an "zones urbanisées", an "zones vertes" an an "zones industrielles", awer an "zones exclusivement résidentielles" hu mer net.

Kann elo net awer an der Zone urbanisée ee kommen, dee vun dësem Gesetz wëllt profitéieren a froen, fir Öffnungszäiten ze kréie bis moies sechs Auer?

Déi nei Öffnungszäite kënnen entweder verschidden Deeg an der Woch oder all Wochendag accordéiert ginn. Ech mengen, dat ass vläicht e bëssen iwwerdriwwen.

Et gëtt gesot, et wieren Aschränkungen an Oplagen dran, déi missten erfëllt ginn. Déi sinn an hirer Formuléierung esou vague, dass et menger Meenung no schwéier ass, se duerchzeféieren. An enger vun deenen Oplage steet, dass missten zur Verfügung stoen oder Zougank dozou hunn adequat Struktüre fir déi Clienten, déi sech mam Auto déplacéieren. Dat heescht wuel sécher, dass hei Parkplaze gemengt sinn. Ech huelen net un, dass och Tankstelle mussen dohinner kommen. Mä et wäert esou geduecht sinn, dass et Parkplaze sinn. Awer déi Parkplaze muss dat Etablissement net selwer hunn, déi kënnen och an der Géigend dovunner sinn, esou dass och hei eng grouss Appréciationsméiglechkeet opsteet.

Déi zweet Oplag bezitt sech op d'Stéierung vun der Rou oder Onannehmlechkeete vun de Leit, déi ronderëm wunnen, a Stéierung vum der Rou, déi an direkter Relation mat der Exploitation vum Etablissement sinn. Och hei ass erëm ganz vill Lastik dran, well wa Kaméidi ass op der Parkplaz ausserhalb vum Etablissement, ass dat "en relation directe" mat der Exploitation vum deem Etablissement? Dat kann ervirgeruff ginn duerch Leit, déi iwwerhaupt emol net am Etablissement waren an déi dat och herno kënne behaapte bei Gerichtsaffären. Wéi kann een do déi Relation hierstellen, dass dann dee Kaméidi, deen ausserhalb entsteet, "en relation directe" mat deem Etablissement ass?

Dat hei ass also eng Fro wou villes, menger Meenung no, ongekläert ass, an et besteet eng Gefor doranner, dass ausserhalb vun den Uertschafte sech esou Etablissementer wäerten usiedelen, wat dann dozou féiert, dass déi ënneruertschaftlech Vergnügungsvéierel riskéieren ze verschwannen. Ech denken do virun allem un d'Escher Grenz, wou et kënnt sinn, dass déi bestehend Etablissementer éischter tendéiert wiere sech ze verlageren, well se an där Zone, wou se elo sinn, déi Autorisation, fir bis sechs Auer moies op ze hunn, net wäerte kréien.

Dat hei muss also net onbedéngt eng Verbesserung vum Nuetsliewen an de Stied erviruffen, mä vill éischter eventuell eng Verlagerung mat sech bréngen no baussen, wéi schon ugedéit ginn ass, op der grénger Wiss an domadder eng Verspreedung vum esou Etablissementer an der Landschaft, wat och Problemer kann erviruffe wat d'Iwwerwaachung a wat d'Sécherheet ubelaangt, well déi wäit ewech si vun de Polizeibüroen, déi jo gewéinlech an den ënnere Stied établiert sinn.

Ech hunn also meng Bedenken, fir meng Zoustëmmung zu dëser Gesetzproposition ze ginn, an ech wëll éischter

emol ofwaarde wéi se sech auswierkt, an dofir enthalen ech mech.

**M. le Président.-** D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vun der Proposition de loi 4670 a stëmmen driwwer of.

### **Lecture du texte de la proposition de loi**

D'Artikelen 17 an 19 si gelies an ugeholl.

Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen dann elo iwwert déi virleidend Proposition de loi of.

### **Vote sur l'ensemble de la proposition de loi et dispense du second vote constitutionnel**

Déi fir d'Proposition de loi sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder enthalen sech.

D'Proposition de loi 4670 ass mat 54 Stëmme géint eng an dräi Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui: MM. Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Hauptert, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber, MM. Patrick Santer, Marco Schank (par Mme Ferny Nicklaus-Faber), Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;*

*Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling (par M. Gusty Graas), Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch (par M. John Schummer), Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;*

*MM. Jean Asselborn (par M. Alex Bodry), Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Mme Lydia Mutsch, MM. Jos Scheuer et Georges Wohlfart (par M. Jeannot Krecké);*

*MM. Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling (par M. Robert Mehlen), Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener.*

*A voté non: M. Jean Colombara.*

*Se sont abstenus: M. Willy Bourg;*

*M. Ben Fayot;*

*M. Aloyse Bisdruff.*

Wëllt ee seng Abstentioun begrënnen?

Den Här Ben Fayot freet d'Wuert.



**M. Ben Fayot (LSAP).** - Här President, ech wëll op jidde Fall kengem d'Recht ofschwätzen, fir sech esou laang wéi méiglech an der Nuecht ze ameséieren. Dat soll jidderengem esou wäit wéi méiglech fräigestallt sinn.

Ech kann awer net ëmhin, dëser Proposition de loi eng gewëssen Onéierlechkeet unzëerkennen.

Et ass eng Proposition de loi vum Här Helminger, dem Buergermeeschter vun der Stad Lëtzebuerg, an dem Schöffe Mosar. Par ailleurs sëtzt hei an der Chamber de ganze Schöfférot vun der Stad Lëtzebuerg, plus nach e puer Bälluegte Conseilleren, mä déi zielen net.

An dann héieren ech vum Rapporteur, dem Här Wiseler, och Scheffe senges Zeechen an der Stad Lëtzebuerg, dass een d'Schléissstonne bis sechs Auer ka verlängeren, mat dräi Konditiounen, déi jo hei schonn öfters opgezielt gi sinn. An dann hätt ech awer geduecht, dass dës Proposition de loi fir d'Stad Lëtzebuerg zielt a gemaach ginn ass fir d'Stad Lëtzebuerg, dass déi Hären an Damme vum Schefferot - ee vun hinne wier duergaangen - eis gesot hätten, wat d'Kritäre sinn. Wat ass zum Beispill eng "zone qui n'est pas classée comme exclusivement résidentielle" an der Stad Lëtzebuerg? Hic et nunc.

**M. Paul Helminger (DP).** - Da géing et awer duergoen, wann dee Conseiller, deen den Här Fayot jo och ass, säi Bebauungsplang géing liese vun der Stad Lëtzebuerg, da géing en dat daitlech a kloer wëssen. Dofir brauch e sech hei net ze enthalten!

**M. Ben Fayot (LSAP).** - An dann hätte mer gäre gewosst vun deenen Hären an Damme vum Schefferot vun der Stad Lëtzebuerg, wat se dann als "structures adéquates pour accueillir les clients se déplaçant en voiture" considéieren? Wat ass dat dann an hiren Aen, wann de Buergermeeschter muer, wann dat hei a Kraaft trëtt, muss esou eng Autorisatioun ginn?

Dat ass d'Ursach, firwat dass ech dës Proposition de loi net konnt stëmmen.

**M. le Président.** - Ech wollt d'Chamber nach froen, ob se d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel gëtt.

#### **(Assentiment)**

Et ass also esou decidéiert.

Mir hunn nach eng Motioun erakrut vum Kolleeg Bausch.

Den Här Helminger freet d'Wuert.

#### **Motion**

**M. Paul Helminger (DP), auteur.** - Här President, an deem Mooss, wou grad just déi Stad, ëm déi et geet - wéi den Här Fayot eis jo elo rappeliert huet, obschonn ech gemengt hunn, mir géingen hei an der Chamber Diskussioun feiere iwwert d'ganz Land an net am Gemengerot vun der Stad Lëtzebuerg sinn -, mä awer och ëmmer méi Gemenge ronderëm d'Stad Lëtzebuerg

net nëmme fir dat Nuetsliewen, dat sech a verschiddeenen Owender vun der Woch ofspillt, mä och fir d'Schueberfouer a fir bal all gréissert Evénement, dat an der Stad ass, ganz gewaltig Efforte maachen, fir d'Leit dozou ze beweegen, fir eng Offer vum öffentlechen Transport unzehuelen, kann ech natierlech mat der gesamter Stoussrichtung vun dëser Motioun nëmme d'accord sinn.

Ech hunn awer Problemer mat deem engen oder deem aneren Tiret. Ech hunn zum Beispill e Problem mat deem Tiret an de Considéranten, dee seet "que l'offre au niveau des transports publics pour les périodes nocturnes est sous-développée". Bien entendu kann een ëmmer méi maachen, mä wann een awer gesäit wéi bis moies dräi Auer elo a sécherlech, wa mer dat hei adaptéieren, bis dorivwer eraus, souwuel d'Stad Lëtzebuerg en interne, an e ganze Koup Gemengen an der Périphérie - ech mengen, et sinn iwwer eng Dosen - de Moment op sech gestallt, e groussen Effort maachen, fir deen Transport public ze organiséieren, géing ech wierklech drëm bieden, fir deen Tiret ewechzeloossen, well dat schéngt mer net der Realitéit ze entsprechen.

An ech géing dann och schreiwen, wa mer d'Regierung invitéieren "à tout mettre en oeuvre", fir da vläicht ze soen "se basant sur les efforts d'ores et déjà accomplis par les communes directement concernées", fir den öffentlechen Transport nach do ze développéieren, well an deem Sënn hunn eis gréng Kolleegen total Recht. Et kann een ëmmer nach méi maache wéi dat, wat een de Moment mécht.

Sous réserve vun deenen zwou Modifikatiounen sinn ech eigentlech der Meenung, dass een déi Motioun do kënnt unhuelen.

**M. le Président.** - Den Här Bausch freet d'Wuert.

**M. François Bausch (DÉI GRÉNG).** - Här President, ech hunn absolut kee Problem mat deene Modifikatiounen. Dofir géinge mer och acceptéieren, dass d'Motioun esou ëmgeännert gëtt. Dat ännert näischt um Sënn vun der Motioun.

**M. le Président.** - Den Här Bausch ass also mat där Ofännerung d'accord. Mir stëmme par main levée iwwert d'Motion modifiée of, déi elo folgende Wuertlaut huet:

#### **Motion modifiée**

*La Chambre des Députés*

*considérant*

- *le développement général de la vie nocturne,*
- *que la proposition de loi modifiant les articles 17 et 19 de la loi du 29 juin 1989 portant réforme du régime des cabarets prorogera sous certaines conditions les heures d'ouverture des débits de boissons,*
- *que pour pouvoir disposer d'une prorogation l'établissement doit se trouver dans une zone qui n'est pas*

*classée comme exclusivement résidentielle et doit disposer ou avoir accès à des structures adéquates pour accueillir les clients se déplaçant en voiture,*

- *que ces dispositions risquent de favoriser le trafic motorisé individuel et de provoquer une augmentation sensible de celui-ci avec les nuisances qui en découlent,*
- *qu'il importe aussi de mettre tout en œuvre pour favoriser l'utilisation du transport public durant le temps de loisir,*
- *qu'une amélioration de cette offre aurait également des effets positifs en matière de sécurité routière,*

*invite le Gouvernement*

- *à tout mettre en œuvre, en se basant sur les efforts déjà accomplis par les communes, pour développer l'offre du transport public au-delà des heures de pointes et notamment pour les trajets effectués à des fins de loisir,*
- *à développer dans le cadre du projet "mobilité.lu" un concept attractif "vie nocturne",*
- *à se donner une stratégie pour inciter la population à profiter d'une offre améliorée de transport public pour les trajets effectués à des fins de loisir*

#### **Vote**

Wie fir d'Motion modifiée ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint? Wien enthält sech?

Ech stelle fest, datt d'Motioun eestëmmeg ugeholl ass.

Mir kommen elo zum nächste Punkt, an zwar zu der Proposition de loi 4653 iwwert d'Structures d'accueil an der Primärschoul.

D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluegt. Et sinn age-droen: déi Häre Wiseler, Di Bartolomeo, d'Mme Durdu, den Här Gibéryen, den Här Gira, den Här Bisdorff.

D'Wuert huet elo de Rapporteur an Auteur vun der Proposition de loi, den honorablen Här Robert Garcia.

**(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)**

#### **4. Proposition de loi 4653 de M. Robert Garcia relative à l'organisation de structures d'accueil pour les enfants fréquentant l'enseignement primaire et modifiant la loi modifiée du 10 août 1912 concernant l'organisation de l'enseignement primaire**

**Rapport de la Commission de l'Education nationale, de la Formation professionnelle et des Sports**

**M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG), rapporteur.-** Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn net sécher,

ob ech elo hei Protagoniste vun engem historesche Moment an der Chamber sinn, mä zumindest - mengen ech - ass et eng Première, déi de Moment hei ofleef. Ech géif soen, et wär net all Dag de Fall, dass e Vertrieeder vun der Oppositoun eng Proposition de loi hei déposéiert huet, déi net den Aval vun der Majoritéit fonnt huet, déi awer e positivi Uerteel vum Conseil d'Etat kritt huet, dee vun enger dräifacher Kommissioun, also vu maximal 36 Deputéierten eestëmmeg zum Rapporteur designéiert ginn ass, an deem hei e Rapport virdréit, dee vun eelef, vun zwielef Membre vun der Educationskommissioun gutt-geheesch ginn ass, an deem natierlech dann an enger schizophrener Situatioun ass. E fënnt déi Proposition natierlech gutt, vu dass en Auteur a Rapporteur ass, an e muss lech mat Vehemenz iwwerzeegen, en net ze stëmmen. Dat ass also eng schizophrener Situatioun, déi d'Mme Durdu an d'Mme Brasseur mer agebrocht hunn. Ech wëll awer deenen zwou Kolleeginnen,...

#### **(Interruption)**

...also der Mme Durdu an der Mme Brasseur, merci soen, fir déi grouss Ouverture d'esprit, déi se gewisen hunn, fir trotzdeem op dee Wee ze goen, dee jo net d'Unanimité vun der Chamber hei fonnt huet. Wann nämlech eng Unanimité vun der Chamber an der Prozedur fonnt gi wär, da wär déi Proposition de loi scho méi fréi an de Plenum komm, well, ech wëll drun erënnere, dass de Rapport scho vu viru méi wéi dräi Méint gestëmmt ginn ass.

Déi Proposition de loi konnt elo net an d'Chamber kommen anscheinend, well d'Conférence des Présidents Modalitéite fanne wollt, fir am Allgemenge mat Proposition-de-loien ëmzegoen. Ech hu mer zwar soe gelooss, dass déi Modalitéiten nach net fixéiert gi sinn, soudatt ech unhuelen, dass et enger aner Form vu Structures d'accueil, nämlech de Caféen an de Cabareten ze verdanken ass, dass meng Proposition de loi iwwert déi Structures d'accueil...

#### **(Interruption)**

...de jour och op den Ordre du jour komm ass, hannert de Structures d'accueil de nuit.

Ech wëll eng Kéier kuerz de Kontext rappeléieren, an deem virun zwee Joer déi Proposition de loi hei déposéiert ginn ass. Dat war um Héichpunkt vun den Auseinandersetzungen iwwert déi feelend Structure-d'accueil, haaptsächlech am Kontext vun de Primärschoulen an dësem Land. Et si vill Defiziter opgewise ginn, wou Famillje keng Structure-d'accueille fir hir Kanner fonnt hunn, well se zu zwee schaffe gaange sinn an déi Gemengen net genuch Strukturen offréiert hunn, fir deene Kanner en dezenten an och effikassen Accueil ze garantéieren. Et war esouguer eng Initiativ, eng Associatioun gegrënnt ginn "Eltere mobiliséieren", déi ganz vill Lobbyarbeit gemaach huet, an déi och e gewëssenen Erfolleg hat, well